

Iwwert déi féier lescht Méint, hu mir eis op immens vill verschidde Leit a Plazen missen astellen, an dat esou schnell wéi méiglech: verstoe wou mer sinn, wat op där Plaz méiglech ass a wat deene Leit déi grad mat eis ennerwee sinn hier Bedürfnisser, Grenzen, Erwaardungen an Ängschte sinn, fir eng beschtméiglech Gruppekohärenz ze schafen. A well mir ëmmer op anere Plazen waren, an déi meeschte Kënschtler a Volontairë selte méi wéi eng Woch bliwwe sinn, huet déi Adaptatiounsphase net méi wéi een oder zwee Deeg dierfen daueren; sozialen Héichleeschtungssport op onbekanntem Terrain.

Mam Alexandra Bering, eng vun eise Participantinnen, hu mir e Spill gespillt wat fir mech dësen Exercice zimmlech gutt erëm gëtt: E Portrait vun deem Anere molen, ouni op d'Blat ze kucken. Sai Vis-à-vis richteg kucken, déi wesentlech Zich erkennen, an se gläichzäiteg op Pabeier bréngen, ouni Zäit ze hunn wierklech ze gesinn wat ee mëscht. D'Resultater illustréiere menger Meenung no ganz gutt wéi prekär mir eis gefillt hunn, an trotzdem erlaabt de Prozess engem, sech op eng einfach a ganz intim Aart a Weis mat sengem Géigeniwwer ausernee ze setzen, ouni fäerten ze missen e schlecht Bild ze zeechnen. Dat et net der Wierklechkeet entspreche wäert, ass nämlech vu fir era gewosst.

Hei also eis Invitatioun un Iech Doheem : Frot eng Persoun sech Iech vis-à-vis ze setzen, leet allen zwee e Bic an e Blat virun Iech, a moolt Iech géigesäiteg. Och wann Dir des Persoun gutt kennt, kuckt se wéi wann et fir d'eischt wier a fänkt u mat molen, OUNI EROF ZE KUCKEN !

